



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Mee 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister, d'Madamm Gesondheetsminister an un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Lëtzebuenger Gesetz imposéiert de Fonctionnairen, all Strofdot, vun där si wéissten, dem Parquet ze denoncéieren. Dëst gëllt domat am Prinzip och fir d'Ministeren. An engem Bréif, deen den Här Minister Asselborn an d'Madamm Minister Lenert de 24. Abrëll 2020 un de Lëtzebuenger Flüchtlingsrot geschriwwen hunn, steet Follgendes ze liesen:

*„Afin de contrer l'obstacle psychologique auquel certaines personnes peuvent être confrontées et qui pourrait les faire hésiter à se rendre dans un centre des soins avancés, le ministère de la Santé s'engage à relayer une communication officielle à tous les professionnels de santé actifs dans les centres de soins avancés afin de les sensibiliser au fait que toutes les personnes peuvent profiter des soins prodigués dans les centres de soins avancés indépendamment de leur couverture sociale ou de leur situation de séjour.*

*Il va sans dire qu'aucune sanction administrative ne sera prise à l'égard de personnes qui se présenteraient pour une prise en charge médicale durant la crise sanitaire.“*

Wann ee kann d'Motivatioun novollzéien an et selbstverständlech ausser Zweifel steet, datt all kranke Mënsch muss gehollef kréien, esou stelle sech awer Froen. U sech kéint dee Bréif esou interpretéiert ginn, datt déi zwee Ministeren d'„Obligation de dénoncer“ ausser Kraaft setzen.

Dowéinst wéilt ech den Här Staatsminister, den Här Bausseminister, d'Madamm Gesondheetsminister an d'Madamm Justizminister gär froen:

1. Wéi eng legal Basis huet dëst Versprieche un de Lëtzebuenger Flüchtlingsrot? Goufen, iwwert de Wee vun engem Reglement no Art. 32(4) vun der Verfassung, am Virfeld vun dësem Bréif legislativ Dispositiounen geännert, déi d'„Obligation de dénoncer“ betreffen?

2. Wéi stellt sech d'Regierung dozou, datt hei eng Obligatioun fir ze denoncéieren, esou wéi si an eiser Legislatioun virgesinn ass, de facto opgrond vun enger „communication officielle“ an aus „psychologesche Grënn“ vun der Madamm Gesondheetsminister ausser Kraaft gesat ass?
3. Kann d'Madamm Gesondheetsminister der Chamber dës offiziell Kommunikatioun schécken?
4. Woussten d'Lëtzebuenger Justizautoritéite vun dësem Bréif oder goufe si consultéiert, ier dat Schreiwes un de Flüchtlingsrot fortgeschéckt gouf?
5. Wéi eng eventuell „administrativ Sanktiounen“ géint wéi e Persounekrees sinn an deem leschten zitéierte Saz gemengt?
6. Hunn den Här Bausseminister an d'Madamm Gesondheetsminister déi legal Kompetenz, fir am Numm vun der ganzer Regierung ze versprechen, datt keng „administrativ Sanktiounen“ géinge geholl ginn? Ass déi Dispositioun am Virus an der Regierung ofgeschwat ginn a wat ass d'legal Basis dofir?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten